TOM LEONARDY

Présidentschaft:
2002 bis …

vu Beruff:
Betribsleeder vun engem landwirtschaftleche Betrib

wunnt zu:
Dickweiler

Wou gesäis du d'Schwéierpunkten vun dénger Prësidentschaft?

Als jetzegen Nationalprësident ass mir opgefall, datt et net ëmmer esou evident ass, fir bei ville gemeinsamen Virschléi un agrarpoliteschen Themen op ee Nenner ze kommen. Ee Schwéierpunkt ass mat Sëcherheet, d'Ziler vum Nationalcomité resp. Präsidium, déi mir äis setzen, sief et op politeschem oder gewerkschaftlechem Niveau, duerchzekréien. Ee weidere Punkt besteet dorann, d'Memberen nees nei ze motivéieren eng ugepeilten Aarbecht ze realiséieren.

Wat bréngt Dir perséinlech d'Fonktioun als Prësident vun den JB & JW ?

Wann ech mir schonn ee Réckbléck erlaben dierf, da kann ech soen, datt dee Posten mir et erméiglecht huet, ganz vill Leit kennenzeléieren. Dës Weideren hunn ech ee besseren Abléck an déi agrarpolitesch Situatioun kritt a sinn vill méi fräi am Schwätzen ginn.

Fazit: Prësident vun eiser Organisatioun ze sinn, ass eng usproochsvoll Aufgab an et mécht immens vill Spaass mat aktiven Memberen zesummenzeschaffen.

Kënnen dénger Meenung no d'JB & JW och haut nach den d'Ziler an dem Geescht vun de Grënnungsmemberen gerecht ginn?

Ech ménge „Jo". Och wann d'Jugend vun haut oft méi schlecht gemaach gëtt a si gesot kritt, si wär net zouverlässeg oder hir wär alles egal, da kann ech just de Kapp rësselen. Och haut setzen déi Jonk sech Zieler an doduerch entsteet eng gewësse Motivatioun, déi dann och an d'Realitéit soll emgesat ginn.